d'Info-Bliedchen

D'Virwuert vum President

D'Transparenz an d'Kommunikatioun verbesseren!

Léif Frënn,

8 Wochen no eiser Generalversammlung ass di nei Komitéesekip' „opérationnelle". All Responsabilitéiten si verginn (Trésorier, Secrétaire, Secrétaire adj. etc...) a mir kënnen erëm schaffen ewéi firdrun.

Meng Roll als President gesinn ech an enger gréisstméiglecher Transparenz vun eiser Aarbecht, souwéi an der Kommunikatioun ënnerteneen. Mateneen schwätzen, Informatiounen weiderginn, zesumme stoën als Ganzt, daat muss eisen Défi fir di nächst Zäit sinn. Dëst ass emsou méi wichteg well d'Wahlen am Juni virun der Diir stinn, an hannert de Kulissen bei verschiddene Parteien schon d'Messere gewetzt ginn. Ufanksgehälter beim Staat kierzen ass dat Eent, mecht awer de Wee fräi fir och di „méi dëck" Gehälter a Fro ze stellen. Dat si geféierlech Raisonnementer deenen, wéi mer an der Vergaangenheet gesinn hun mat eise Renten, awer schwéier bäizekommen ass. Dës Problematik stellt sech awer fir all Staatsbeamten, an ech si mer sëcher dass d'CGFP e Wuert do wärt matschwetzen.

Eise Verband, zesumme mat deenen aneren Kolleegen aus dem Postsyndicat wärten an dëse Wochen vun enger Partei bei di aner „Klänschen drëcke" goen fir ze sondéieren, wéi et dann no den Wahlen ëmm eis Postier'en gestallt ass.

Wéi stinn d'Parteien zu eisem Statut ? Wéi ass d'Rekrutéierungspolitik an Zukunft? Wat geschitt mat der Post als „Mëllechkou" vum Staatsbeidel ?

Dës an aaner Froën sinn d'Sujet'en vun eise Visiten, an d'Äntwerten, färten ech, wärten eis net ëmmer gefalen.

Mir, fir eisen Deel, halen iech an Zukunft um Lafenden, mee profitéiert och dir doriwerraus alleguerten vun eisen Info-Plattformen op Facebook an op www.aecpt.lu

Maacht Reklam esou gudd et geet, fir dass eis Informatiounsweeer kuerz an eis Reaktiounen séier sinn.

Wee sech net informéiert ass selwer schold !

matt syndicalisteschen Gréiss !

Claude Ruckert

D'INFO-BLIEDCHEN GËTT ERWUESSEN

Aus enger Idi get Realitéit, sou kann een d'Geschicht vum Info-Bliedchen kurz résuméieren. Loosst eis Är Idi'en, Meenungen a Suggestiounen wëssen, an natierlech si mer och frou iwer all konstruktiv Kritik. Deelt eis se iwer E-Mail, Telefon oder Courrier mat. Mir soën Iech schon am viraus Merci.

De 16. Mee ass är Präsenz gefrot!

D'Manifestatioun géint all Sozialofbau!

Mir hunn dës Kris net erbäigefouert, si ass provozéiert ginn, an daat bewosst !

Et kann also och net sinn, dass mir dës Zopp sollen ausläffelen. Et ass absolut falsch wann di eng Sait d'Kafkraaft erof geet, wa probéiert get um Index ze fréckelen, wann iwert 100 Betriber an der Kuerzaarbécht leien, 20.000 Leit am Chômage sinn, a genau souvill net wëssen ob se den nächste Mount nach eng Aarbecht hunn,... dass dann vun dëser Regierung aus populisteschen a wahlorientéierten Iwerleeungen op d'Staatsbeamten geklappt get!

Dat kenne mer, dat war schon alles emol do, an dës Kéier geet et sëcherlech och mam erôfsetzen vun den Ufanksgehälter net duer!

Mir daerfen eis fir esou Zwecker net benotze loossen, an mir sollten zesummen mat der CGFP d'Stir bidden, an astoen fir déi Rechter fir déi eis Virgänger a schwéieren Zäiten gekämpft hunn.

Et ass en historësche Moment zu Lëtzebuerg, dat gouf et nach ni, dass all di grouss Gewerkschaften, un engem Strack zéien !

Et ass eminent wichteg, dass jiddereen de 16. Mai derbäi ass! Et ka kengem egal sinn, wat mat eiser Zukunft geschitt.

Mir mussen solidaresch a geschlossen handelen ...ELO !!

Dofir kommt all!!

De 16. Mee 2009 organiséieren di grouss lëtzebuerger Gewerkschaften eng Manifestatioun fir en Zeechen ze setzen:

•géint all Form vu Sozial-Ofbau.

•fir d'Oofsécherung vun den Arbechtsplazen

•fir eis Léin an eis Kafkraaft ze behalen.

•fir d'Erhalen vum Index.

•fir d'Erhalen vun eiser Sozialversëcherung.

An eiser heiteger Zäit, as et wichtëg Zeechen ze setzen, an genau sou wichtëg ass är Präsenz op dëser Manifestatioun. Well nëmmen zesummen kënne mer eppes ereechen. Duerfir gi mer eis Rendez-Vous e Samschden, **16. Mee 2009 um 14:45** beim **Centre Postal** (alen Centre de Tri), an der Rue du Commerce um Parking vis-à-vis vun der Entrée Loge D an Entrée vun de boîtes postalen.

ZUM TAGEBLATT-GESPRÉICH MAM HÄR MARCEL GROSS, VUM 14. ABRËLL 2009.

Iwer zwou Säiten publizéiert d'Tageblatt e Gespréich mam aktuelle General-Direkter vun der Post. Beim Liese vun dësem Artikel kruten di meescht vun Iech bestëmmt nët nëmme gro Hoër. Mir picken eis hei e puer Extrait'en eraus, liesen tëscht den Zeilen an zéien duerno eis Conclusioun.

„Wir verzeichnen seit 16 Jahren eine positive Entwicklung in allen Hinsichten."

Hei muss een sëch wirklëch d'Fro stellen, ob eise General-Direkter d'Geschicht vun sénger Entreprise nët kennt. D'Post ass 1842 gegrënnt ginn, an ass säit dëser ganzen Zäit gewuess, ob als Administratioun oder als Entreprise publique. Wärend 150 Joër hun d'Fonctionnairen, an säit 16 Joër all d'Mataarbechter, derzou bäigedroën daat aus der Post ze maachen waat se haut ass.

„Die Kunden brächten der Post ein gewisses Vertrauen entgegen."

Genau dëst Vertrauen huet virun allem séng Wuerzelen an deenen 150 Joër opgebaut, wou d'Post nach eng Administratioun war; wou d'Client'en nach woussten dass och e Fonctionnaire un e Secret professionnel gebonnen ass.

„Wenn wir hierzulande mit unseren Gehältern nicht konkurrenzfähig sind, wie sollen wir das dann im Ausland sein?"

Alt erëm eng Kéier gëtt probéiert dem Personal an den Personal-Käschten d'Schold fir alles ze ginn. Hei muss een sech effektiv d'Fro stellen, firwaat eng Deutsche Postbank, eng DHL oder aner auslännesch Konkurrenten sech hei zu Lëtzebuerg etabléieren, wann ee bedenkt, dass och déi sëch mussen un de lëtzebuerger Gehälterstandard halen.

„Wir müssen eine starke Effizienz, unser Know-How und unsere Leute so einsetzen, dass wir es fertigbringen, die Kosten im Griff zu halten..."

Et ass paradox vun Effizienz an Know-How ze schwätzen, wärend mer ëmmer manner Wert op Formatioun léen. Sou stelle mer haut Leit an, setzen se an e Guichet, wou se 3 Wochen ugeléiert an dann op d'Client'en lassgelooss ginn. Ass dat Effizienz an Know-How, wann een die aktuell Situatioun mat der Stage- an der Formatiouns-Zäit aus den 90er Joëren vergläicht, wou all Fonctionnaire huet missen op den IFA (oder INAP) goen, an Coursen iwer Post- an Télécoms-Produit'en krut, den Statut an d'Réglementation Interne erklärt krut?

Dësen Artikel weist, alt ërem, dass et just drëm geet, Käschten anzespueren, d'Liewens-Qualitéit op der Aarbechtsplaz anzeschränken, an dem Personal, a virun allem de Personal-Käschten, d'Schold ze ginn, dass d'Post net konkurrenzfäheg ka sinn. Haaptsaach d'Post présentéiert fir 2008 en herrlëchen Bilan, mat engem décken Bénéfice an enger décker Enveloppe fir an d'Staatskees. Esou en Zeitungsartikel ass schwéier ze verdauen, mee mir sollten eis et awer net huelen lossen, eis zesummen mat eisem Här Generaldirekter op seng Pensioun ze fréen, déi virun der Diir steet.

ERAUSGEKROOPT!

Wat geschitt, wann een alles un extern Firmen weiderget? Dann heescht den „Système bancaire" vum CCP an der Haus-Post op eemol RIPOSTE. Dëst ass natierlech grondfalsch, mee dat ass eben esou, wann een extern Publicitéits-Agencen di eegen Haus-Post éditéieren léisst. Ass dëst wirklech dee gewënschten Know-How, vun deem de General-Direkter am Tageblatt geschwat huet?

Les CCP
en quelques dates et chiffres-clés

1911 : Création des CCP.
1992 : L'Administration des PTT devient l'Entreprise des P&T.
1992 : Les Services Financiers Postaux deviennent une Division à part entière, à côté de la Division des Postes et de la Division des Télécommunications.
1996 : Acquisition de matériel pour la lecture et le traitement automatisé des virements faisant des CCP la première institution de la place à automatiser le traitement des virements papier.
1997 : Nouveau logiciel bancaire (Riposte).
2000 : Loi du 15 décembre 2000 sur les Services Financiers Postaux qui délimite les activités des CCP.
2000 : CCP Connect, l'e-banking des CCP.
2001 : P&T est autorisé à exercer toutes les activités de Professionnel du Secteur Financier (PSF) permises par l'art 28 de la loi du 15 décembre 2000 sur les services postaux et financiers postaux.
2009 : Acquisition d'un nouveau logiciel bancaire (Thaler).

Effectif en 2009: 85 personnes.

DEN NEIE COMITÉ VUN DER AECPT

Fir eng uerdentlech syndicalistesch Aarbecht ze leeschten a fir eise Memberen eng gréisst-méiglech Transparenz ze bidden, si mer frou, Iech eisen neien Comité mat denen respektiven Responsabilitéiten kënnen virzestellen:

•M. Ruckert Claude, President

•Mme Scheer Monique, Vize-President

•M. Staar Victor, Secrétaire

•M. Müller Lex, secrétaire adjoint

•Mme Tania Hemmen-Conter, Trésorière an déléguée à l'égalité des chances

•M. Berg Jean-Marc, Member

•M. Büchler Paul, Member

•M. Kohner Tom, Communicatioun

•M. Lucius Fernand, Vertrieder vun de Pensionnairen

•M. Mangen Guy, Member

•M. Weigel Chris, Internet

Den ganze Comité steet iech mat Rot an Dot, an aller Discretioun, zur Verfügung.

ET ASS ÄRT GUDD RECHT, REECHT ENG DEMANDE VIRUM 1. JULI 2009 ERAN!

All d'Fonctionnairen, déi virum 1. Juli 2003, an de Genoss vu Congé sans solde à temps plein oder à temps partiel komm sin, kënnen eng Demande maachen fir déi Zäit vum Congé ganz ugerechent ze kréien am Kader vun den Avancementer an den Échelon'en a vun den Index Majoratiounen. Jidereen, dee virum Juli 2003 an engem Congé sans solde war, kann eng Demande erareechen fir di Zäit ugerechent ze kréien. Op eisem Internet-Site www.aecpt.lu fann der e Viirschlag fir dës Demande ze formuléieren. Ganz wichteg ass, dass är Demande virum 1. Juli 2009 am Service du Personnel vun der Post eragereecht muss sin, an dass der en Accusé de Réception vun ärer Demande musst kréien. De Comité vun der A.E.C.P.T. steet iech natiirlech bei zousätzleche Froen zur Verfügung.

Kalenner

16. Mee 2009

Manifestatioun geint all Sozialofbau, organiséiert vun all de groussen Gewerkschaften aus dem Land. Enner aanerem den OGBL, den Landesverband an och CGFP an d'ALEBA ruffen op fir ze manifestéieren fir eisen Index, eis Kaafkraaft, eis Paien an eis Pensiounen.

Sidd derbäi well zesumme si mer staark!

Editeur

A.E.C.P.T.

ASSOCIATION DES EXPÉDITIONNAIRES ET COMMIS DES P&T

LUXEMBOURG

Boîte Postale 1155

L-1015 Luxembourg

Tél: 4088-7363

email: aecpt@ept.lu

PRÉSENCE INTERNET:

www.aecpt.lu

PRÉSENCE SUR FACEBOOK:

rejoignez notre groupe "A.E.C.P.T"

sur www.facebook.com